LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1933 vum 13. Februar 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu der Elektrifizéierung vun der Busflott vum AVL.

D'Stad Lëtzebuerg huet dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Informatioune matgedeelt:

Den AVL huet aktuell eng Flott vun 126 Busser (67 Standardbusser an 59 Gelenkbusser). Dovu si 37 Standardbusser Elektrobusser. Weider 15 Standardelektrobusser an 30 Gelenkelektrobusser wäerten 2025 ausgeliwwert ginn. Bis Enn 2025 wäert d'Flott vum AVL deemno zu 65% elektrifizéiert sinn. Aktuell lafe weider Marchéë fir d'Flott zu 100% z'elektrifizéieren.

Ee Standardelektrobuss kascht an der Moyenne tëscht 600.000 EUR an 860.000 EUR jee no Modell, no Batteriekapazitéit an no Optiounen. Ee Gelenkelektrobus kascht an der Moyenne tëscht 900.000 EUR an 1.100.000 EUR jee no Modell, no Batteriekapazitéit an no Optiounen. De Gesamtbudget fir den Akaf vun Elektrobussen ass deemno tëscht 93,3 Milliounen EUR an 122,5 Milliounen EUR.

Allerdéngs muss ee wëssen, dass de Präis fir d'Elektrifizéierung just den Ënnerscheed ass tëscht engem Dieselbus an engem Elektrobus. Ouni Elektrifizéierung hätten d'Busser awer no 8 bis 10 Joer missten ersat ginn.

D'Stad Lëtzebuerg huet all d'Ladeinfrastrukturen bezuelt. Aktuell huet d'Stad Lëtzebuerg 30 Ladepunkten um Dépôt zu Hollerech installéiert an huet weider 7 Ladeinfrastrukturen um Terminus installéiert.

Fir d'Stad Lëtzebuerg ass et absolut realistesch fir bis 2030 just mat Elektrobusser ze fueren. Dem AVL seng Flott wäert warscheinlech schonn Enn 2026 zu 100% aus Elektrobusser bestoen.

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes